Question écrite n°2869 - Sujet : Dossier de Soins Partagé (DSP)

Auteur(s) : Monsieur Gast Gibéryen, Député
Destinataire(s) : Monsieur Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale
Date limite de réponse à la question : 28-04-2017

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
28-03-2017	Dépôt de la question	Document écrit de la question
28-04-2017	Délai de réponse dépassé	
02-05-2017	Réponse écrite de Monsieur Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale	Document écrit de la réponse

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
28 MARS 2017
2869

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 28. Mäerz 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Den Artikel 60 quater vum Code iwwert d'sozial Sécherheet huet de „gemeinsame Fleegedossier", no der franséischer Ofkierzung och nach DSP genannt, agefouert. Dës Dossiere gi vun der Agence eSanté, engem Groupement fir ekonomesch Interessien (G.I.E.) verwalt.

Am Abléck ginn d'Leit mat Bréiwer doriwwer informéiert, datt eng Pilotphase gestart ginn ass, an datt hir gemeinsam Fleegedossieren accessibel sinn. Dëse Bréif, deen och un eeler Assurée geschéckt gëtt, ass awer exklusiv op Franséisch verfaasst (emol ofgesi vun e puer englesche Wierder). Et ginn zum Deel Fachausdréck gebraucht, wou och Leit, déi d'Sprooch vum Molière beherrschen, mussen en Dictionnaire zu Hand huele fir alles ze verstoen.

Dëst ass ëmsou méi ze bedaueren, wëll den Internetsite vun der Agence an e puer Sproochen ass, dorënner och Lëtzebuergesch. D'Ressourcen, fir och d'Matdeelungen iwwer Bréif an e puer Sproochen ze verschécken – dorënner Lëtzebuergesch – bestinn also.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) *Deelt d'Regierung d'Meenung, datt besonnesch wann et ëm d'Gesondheet geet, d'Leit sollen an „hirer" Sprooch informéiert ginn?*
2) *Gëtt d'Informatiounsblat „Information clé – L'essentiel du DSP" nëmmen op franséisch verschéckt? Wa jo, wéi sou?*
3) *Ass den Här Minister gewëllt, d'Agence eSanté unzeweisen, des Schlëssel-informatiounen an e puer Sproochen, dorënner och Lëtzebuergesch, ze verschécken?*

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 mars 2017

Objet : Question parlementaire n° 2869 du 28.03.2017 de Monsieur le Député Gast Gibéryen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Karin Manderscheid
Tél. (+352) 247-86352

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de la Législation
43, Boulevard Royal
L-2450 LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 MAI 2017

Luxembourg, le 2 mai 2017

Référence : 81dx00fc9

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 2869 de Monsieur le député Gast Gibéryen datée du 28 mars 2017

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe ma réponse à la question parlementaire spécifiée sous rubrique.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n° 2869 de Monsieur le député Gast Gibéryen datée du 28 mars 2017

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Référence :804xca5ed

Aentwert vum Minister fir sozial Sécherheet ob d'parlamentaresch Ufroo n° 2869 vum Här Deputéierten Gast Gibéryen vum 28. Mäerz 2017

Als éischt muss ee wëssen, dat d'Agence e-Santé am Kader vun der Pilotphas vum Dossier de soins partagés (DSP) all Bréiwer un déi betraffe Patiente souwuel ob franséisch wéi op däitsch erausschéckt. Rezent ass leider eng Pann an der gläichzäiteger Diffusioun vun dëse Bréiwer op déi zwou Sprooche virkomm. Dass all Dokumenter nëmmen op dës zwou Amtssproochen (DE an FR) ausgestallt ginn, war vum Ufank vun der Aféierung vun der Pilotphase un mat alle betraffenen Acteuren aus dem Gesondheetssecteur esou ofgeschwat ginn, well verschidde medezinesch an technesch Termë schwéier op lëtzebuergesch ze iwwersetze sinn.

D'Agence eSanté sou gudd ewéi de Ministère ass sech awer bewosst, dat d'Lëtzebuerger Sprooch hei am Land ganz wichteg ass, an et ass och aus dësem Grond dat mir verschidden Dokumenter op lëtzebuergesch (esou wéi och schonns op portugisesch) iwwersat hunn, esou wéi den Flyer iwwert den DSP „Entdeckt dat Wesentlecht iwwert Ären elektroneschen, perséinlechen a gesécherte Gesondheetsdossier" an „Déi meescht gestallte Froen", déi béid via eisen Internetsite zur Dispositioun vun allen Interesséierten online gesat goufen. Et ass och virgesinn, den Internetsite vun der Agence eSanté niewent der däitscher a franséischer Ausféierung an den nächste 14 Deeg och op lëtzebuergesch online ze setzen, an an nächster Zukunft dann och nach op portugiesesch.

Donieft ass schonns am Virfeld virgesinn, op Basis vun den Experienzen déi bis elo an der Pilotphas um Terrain gemaach goufen, fir an Zukunft an der Generalisatiounsphas vum DSP all Bréiwer gläichzäiteg op dräi Sproochen erauszeschécken, an zwar op lëtzebuergesch, franséisch an däitsch.